



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère d'État

**Äntwert vum Här Premierminister Luc FRIEDEN a vum Här Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel Xavier BETTEL op d'parlamentaresch Fro n° 227 vum 23. Januar 2024 vun den honorabelen Deputéierte Sven CLEMENT a Marc GOERGEN.**

**Ad 1)**

Iwwert d'Kapazitéite vun der SES gi keng sanktionéiert Sender iwwerdroen, mat Ausnam vun der Kapazitéit déi d'SES mam indesche Staat kontraktéiert huet, déi sengersäits engem indesche Plattform Bedreiwler zur Verfügung gestallt gëtt, an den als eenzegem ëmmer nach de Sender RT News iwwerdréit.

D'SES huet hei keng Relatioun mat RT, an huet och keng technesch oder legal Méiglechkeeten de Sender ofzeschalten. De Plattform Bedreiwler mécht den Uplink, op den d'SES keen Zougrëff huet, an den indesche Staat erlaabt weiderhin de Sender an Indien ze verbreeden.

**Ad 2)**

Et sinn aktuell Diskussiounen amgaang iwwer verschidden Optiounen, wéi dëse spezifesch Fall kéint geléist ginn.

**Ad 3)**

An alle Länner – ausser an Indien - gouf trotz Resistenz vu verschiddenen Acteuren eng Léisung fonnt. Ausserhalb vun der EU hunn déi concernéiert Acteuren awer net ëmmer akzeptéiert dass europäesch Sanktiounen an net-EU Länner en Impakt sollen hunn. Sender a Client'en orientéieren sech un hiren nationale Reegelen.

Lëtzebuerg, den 26. Februar 2024.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN